



CÉRÉMONIE D'OUVERTURE 2015

TÉMOIGNAGE DE PATRICK

Mäin Numm ass Patrick, mee jiddereen nennt mech Petz. Ech hunn 51 Joer.

Di éischt Kéier, wou ech vum Relais pour la Vie a vum Survivor Tour héieren hunn, war am Mäerz 2013. Deemools hat ech grad 5 Chimioen a 27 Bestrahlungen hannert mer. Wéi ech am Internet op Fotoen och e puer Leit, déi ech perséinlech kennen, mat engem "Survivor"-T-Shirt entdeckt hunn, hunn ech mer gesot: "d'nächst Joer kréien ech och esou en T-Shirt a sinn als Survivor mat dobäi."

Mee meng Geschicht huet ronn 4 Méint virdrun, de 5. Dezember 2012 ugefaang.

Deemools hat ech 48 Joer a krut vun engem Radiolog gesot, dass ech Longekriibs hätt. Vun deem Moment u war näischt méi wéi virdrun.

Nom éischte Schock sinn ech direkt vun den Dokteren a vum Fleegepersonal am CHL an zu Esch am Centre Baclesse perfekt encadréiert ginn an ech hat ni d'Gefill, mat menger Krankheet eleng gelooss ze ginn. Am Géigendeel, all di Leit hunn et esouguer fäerdegbuecht, dass ech mäin Humor a mäin Optimismus ni verluer hunn. De Kriibs huet mech awer och geléiert, d'Prioritéiten a mengem Liewen nei ze definéieren an all Moment ze genéissen.

D'Behandlung huet mech natierlech heiansdo bis u meng kierperlech a psychesch Grenze bruecht, mee mäi privat a beruflecht Ëmfeld, meng Frënn, d'Famill, meng Fra an och d'medizinescht Personal an d'Dokteren hunn alles gemaach, fir dass ech mech konnt stressfräi op meng Gesondheet konzentréieren.

Mam éischte Scanner, wou keen Tumor méi ze gesi war, hat ech eng éischt wichteg Etape gepackt an ech hu mech nach dee selwechten Dag fir de Survivor Tour 2014 ugemellt. Dat war en immens emouvante Moment fir mech an e wichtige Schrëtt um Wee vum Kriibspatient zum Ex-Patient.

Ech si mer awer bewusst, dass d'Course nach net gewonnen ass. Natierlech muss ech di nächst Joere regelméisseg an d'Kontroll, an ech kann net behaupten, ech hätt kee mulmegt Gefill wann erëm e Scanner um Programm steet.

Dofir fannen ech et berouegend ze wëssen, dass ech mech zu all Moment kéint un d'Fondation Cancer wenden wann ech Hëllef bräicht.

Ech soen iech Merci fir d'Nolauschteren an elo freeën ech mech op mäin zweete Survivor Tour.